

Eis franséisch Wieder

Mir hu jo **kéipweis franséisch Ausdréck** an eiser Nationalsprooch, och en etlech englescher an esouguer eng Partie italiéinescher an nach anerer.

Hei stellt sech **ëmmer erëm d'Fro, wéi een déi da soll schreiwen**, wann se zimmlech genee wéi an hirer 'Wéi' ausgeschwatz ginn; soss maache mir déi rabbelkappeg, déi an eise Schoulen der zwou oder dräi vun deene Sproocher solle léieren. Beim Schreiwen ass dat nach vill méi wichteg. **En 'trottoir' soll op kee Fall en 'Trottuar' ginn, a 'merci' och net 'merssi' ...** deer Beispiller kënn et mat zeg Dosenden hei bréngen.

Et wier jo vläicht net vu Muttwëll, wann emol e gudder Mënsch sech giff druginn, déi Wieder an Ausdréck an enger Zort Diktionnär/Dictionnaire alphabéitesch zesummelammelen, déi ganz normal am Lëtzebuergesch eng 'Heibleif' hunn.

Ass et net e bësse gelungen, datt et **am Lëtzebuergesche vun alle 'germaneschen' - net 'däitschen/german' Sproochen just an eisem klengen 'Idiomchen' déi sëllege franséisch/romanesch Elementer gëtt ...** mä do kënn en net do laanscht, fir am Fong un 'eis' Geschicht ze denken; eis Sprooch spigelt déi zesoen op eng eegenaarteg Manéier erëm. Et war och ganz intelligent, datt eis 'Kappleit' am 19. Joerhonnert drop gehal hunn, datt d'Franséisch an eise Schoulen eng Haaptplaz krut, emol ganz dovun ofzegesinn: dës Basis ass wonnerbar fir Englesch ze léieren; wat an alle 'germanophone' Länner net esou

einfach ass wéi an deem klengen Lëtzebuerg, well weeder d'Hollänner nach d'Dänen oder d'Schweeden hunn eng blatzeg Anung vu Franséisch.

Datt elo dovun rieds geet, **eis Kanner op franséisch ze alphabetiséieren**, ass eng aner Fro. Bei dësen Iwwerleeunge gëtt **leider net dru geduecht, datt mir Sproochelementer hunn, déi et am Franséischen nun emol net gëtt**; och émgedrënt: Mir hunn Diphthongen/Duebellauter, déi dir émsoss am Victor Hugo senger Sprooch siche gitt, wéi den 'ou' oder den 'éi' bei 'houfreg/séier/Rouer/Kéier ...' oder den zouenen 'ë' wéi bei 'ëmmer/erëm/wëllen ...'; da gëtt et dee 'w', deem am Franséischen net ausgeschwatz ass an als 'v' geschriwwen gëtt ... a wat dees 'Gedängels' dann nach esou an/tëscht deenen zwou Sproochen ze fannen ass.

Et ass net dat Giel vum Ee, wa gesot gëtt, mir hätten deermoos 'romanophon' Kanner an eise Schoulen, deene mir äis sollen 'upassen'; ass 'romanophon' dann elo ëmmer nëmme 'frankophon'? A wéi ass et mat deene Kanner, déi aus anere Sproocher wéi dem Franséischen oder Romanophonen an eis Schoule kommen? Kënn en net emol soen, wien heihinner geng kommen, dee soll sech eiser 'Schoulsprooch fassung' upassen; dat wier fir s'alleguer dat Beschit; an der Schoul soll net zevill 'experimentéiert' ginn.



Am Frankräich, an Däitschland oder an anere Länner gëtt et dee Problem net wéi hei bei äis; do muss sech hire Sproochen ugepasst ginn ...

Lëtzebuergesch a Schoul

Mir ginn da mat Begeeshterung gewuer, datt den Här Schoulminister **Claude Meisch** eng déck Käerz fir eis Sprooch an de Schoulen ugefaang huet: BRAVO!

Dat ass 'psychopädagogesch' goldrichteg, well Kanner aus egal watfremger Sprooch domat **d'Gespier kréien sech bannent eisen enke Grenzen, hirer neier Heemecht, op d'mannst e bësene zesammenzefillen**. Am Frankräich, an Däitschland oder an anere Länner gëtt et dee Problem net wéi hei bei äis; do muss sech hire Sproochen ugepasst ginn, basta. Hei ass dat net esou streng/stronzeg; mir hu ganz einfach d'Gewunnecht, äis aneren 'unzepasst', wat jo net esou iwwel ass, mä net dat Beschit fir eis eegen Identitéit, déi mir dach aus villen Ursaache wëlle behalen, oder?

Ower **'Lëtzebuergesch an der Schoul' ... datt ass séier gesot; wéi geet dat dann?** Hu mir Material dofir? E 'Systembuch'? Literatur ass jo haut do.

Eises Kascht

Beim lessen hu mir esou **eis kleng Eegenaarten, déi dann och mat eiser Sprooch ze dinn hun**. Mueres drénke mir nun emol Kaffi, och wann eppes ganz Anescht wéi Téi oder *'Schluutchen'* um Dësch steet; denkt emol drun, datt eng *'Schmier'* sproochlech himmelwäit vu 'Butterbrot an 'tartine' ewechläit, grad wéi *'Gebeess'* a *'Stoff'* als Ausdréck näisch

mat 'Marmelade' a 'fromage blanc' ze dinn hunn; a wat ass *'Jipps/Strulacks'*?

Eis *'Wäinzoossiss'* sicht dir émsoss egal wou wéi hei bei äis; eng *'Feierstengs'* ass nun emol kee 'Fleischsalat' oder 'salade de viande'; och 'Gromperkichelcher' kritt dir op eis Manéier nëmme hei; e 'Bamkuch' hutt dir nach knapps éierens begéint. Dat aremt Lëtzebuergesch, nedir. ☺



En 'trottoir' soll op kee Fall en 'Trottuar' ginn ...

(Fotos: Adobe Stock)



Deen Trëllert geet mir net. - Dat Bët-schel ass en Houfersak. - Hien ass um Glëtz getrollt. - Maach dech net esou - Hues du se nach all - D'Finn ass eng Schlupp. - De Jos ass en Ondugenen. -

Elo rabbelt et gläich. - Géff dech mat denger Glottheet! - Mir waren ewell méi séier do. - Trips d'Gromperen - Hie facht dräi Kotletten eran - Brockelcher a gedämpfte Schikri sinn e Genoss - Eiercher a Kuddelfleck sinn net jidderengem senges - Heeder- a gekrauselt Zalot si gesond - Eng Énnenzopp mat Kiischercher och nawell.

Denkt och emol driwwer no, wéivill authentesch Lëtzebuergesch et am ganze Beräich vun der 'Geschlechterei' an hirem 'Gedängels' gëtt. Do si mir plazeweis vläicht eng Grimmel manner graff wéi d'Fransousen; ower och net méi 'schimmeg' wéi all déi aner.

D'AL op de 30. Joer WALFER BICHER DEEG

Sou wéi et schonns eng laang Traditioun ass, ass d'AL och dëst Joer erëm op de

Walfer Bicherdeeg, de 15. an de 16. November

mat engem Stand vertrueden.

Kommt äis an d'Hal 2 besichen.

Wéi d'lescht Joer hu mir och erëm e **flotte Concours** lafen, bei deem et schéi Geldpräisser ze gewanne gëtt.